FOYERS SENIORS Asbl sicht fir hirt

Club Haus an de Sauerwisen

Ab dem 01/12/2023

1 Educateur/trice gradué/e
oder equivalent Bachelor am Gesondheets-, Sozial- oder Bildungsberäich
(m/f/d)

op onbestëmmte Zäit (40 Stonnen/Woch - Convention collective SAS/carrière C6)

Wat ass d'Aufgab vum Mataarbechter:

- Sech em den Accueil vun de Client'en am Club këmmeren an duerfir suergen, datt Leit sech wëllkomm fillen
- Leit iwwert de Club an seng Offeren informéieren
- Workshops organiséieren an evtl. och leeden
- Aktivitéiten an de verschiddenste Beräicher entwéckelen, organiséieren an duerchféieren
- D'Offer beschreiwen a redaktionell opschaffe fir d'Publikatioun vum Programm
- Administrativ Aufgaben erleedegen déi am Zesummenhang mat der Aarbecht vum Educateur graduée stinn

Wat gëtt nach erwaart:

- Eng vertrauensvoll Bezéiung zu de Clienten opzebauen an ze entwéckelen.
- Matentwëcklung a Matarbecht bei der Ëmsetzung vun den Ziler vum engem Club Senior, dat heescht:
    - Förderung a Befäegen zum aktiven Alteren "active aging"
    - Sensibiliséierung fir Virdeeler vu kierperlecher a mentaler Aktivitéit an all Alter
    - Ënnerstëtzung vun interkulturellen an intergenerationellen Aktivitéiten
    - Sozial Kontakter erméiglechen an domat géint d'Isoléierung vu Mënschen an eiser Gesellschaft entgéintwierken.

Äre Profil :

- Unerkannten Diplom vum Educateur(trice) gradée(e) oder equivalent
- Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch verstoen, schwätzen a schreiwe kennen
- Gutt Computerkenntnisser
- Dir sidd professionell a bereet zu flexibelen Zäiten ze schaffen
- Dir sidd een Equipe-Mënsch an är Kolleegen an äre Patron kennen sech op iech verloossen
- Dir sidd motivéiert a maacht är Aarbecht mat Freed an Iwwerzeegung
- Dir sidd organiséiert an dynamesch a fannt Léisunge bei Schwieregkeeten
- Dir sidd kreativ a kapabel fir pedagogesch Aktivitéiten a Projet'en auszeschaffen an ëmzesetzen
- Führerschäin B

Wat bidde mir:

- Eng ofwiesslungsräich Aarbecht wou een d'Méiglechkeet kritt selwer Saachen ëmzesetzen
- Ee gutt Arbeschtsklima an enger ënnerstëtzender Equippe
- Aarbechtsbedéngungen a Bezuelung nom SAS-Kollektivvertrag C6

Schéckt Är Kandidature mat enger Kopie vun ären Diplomer **bis spéitstens den 29.09.2023** un:

Club Haus an de Sauerwisen
Mme la Présidente Liliane Frising
6, rue de la Fontaine
L-3726 Rumelange